ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Minister fir Integratioun weiderzeleeden.

Et kënnt vir, datt Persounen, déi zu Lëtzebuerg ugefrot hunn fir vun der internationaler Protektioun ze benefisséieren (DPI'en), nach während der Dauer vun der Prozedur stierwen.

An dësem Kontext wéilt ech der Madame Minister dës Froe stellen:

1. *Gëtt et bannent dem OLAI eng Prozedur, wéi d'Begriefnes respektiv d'Anäscherung organiséiert gëtt a wien dës Onkäschten iwwerhëlt?*
2. *Wa jo, kann d'Madame Minister der Chamber dës Prozedur matdeelen?*
3. *Wa neen, wéi sinn dës Fäll bis elo traitéiert ginn?*
4. *Wéi gëtt probéiert, d'Famill vum Betraffenen, wann déi net och zu Lëtzebuerg ass, ze lokaliséieren an ze informéieren?*
5. *Wéi wäit ginn d'Wënsch vun der Famill, wann do nach Relatioune bestinn, respektéiert respektiv gëtt op d'Praktike vun der Relioun vum Verstuerwene Récksiicht geholl?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten